

adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.


Aktuell gëtt an der Chamber un enger Reform vum Jugendschutzgesetz geschafft.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Justizminister soen, wéi vill Mannerjäreger „placéiert“ ginn, dat heescht aus hirer Famill erausgeholl, fir si an eng staatlech Institutioun oder eng „Fleegefamill“ ze placéieren? Kann den Här Minister dëst an engem zäitleche Kader präziséieren? Wéi gesäit d'Evolutioun vun dëser Zuel iwwer d'Zäit aus?
2. Gëtt et iergendwellech „qualitativ“ Statistiken dorivwer, firwat Kanner placéiert ginn?
3. Wann esou eng Decisioun bis geholl ass, bei där e Mannerjärege placéiert gëtt, wéi gesäit dann de weidere Verlaf an der Praxis aus?
4. Ginn déi betraffe Kanner ofgeholl oder féieren d'Eltere si selwer op déi Plaz, déi fir d'Kanner bestëmmt gouf?
5. Stëmmt dat, dass a ville Fäll Polizisten déi betraffe Kanner op Uerder vum Parquet ofgeholl hunn – sief dat doheem, an der Schoul oder bei Frënn? Kann den Här Justizminister soen, a wéi vill Fäll déi betraffe Kanner esou vun der Police ofgeholl goufen? Sinn déi Polizisten an Zivil oder sinn dat arméiert Polizisten an Uniform?
6. Stëmmt et, dass d'Madame Familljeminister an den Här Educatiounsminister bei lech als zoustännege Justizminister intervenéiert hunn, fir déi Praxis ze stoppen?
7. Firwat gëtt dës Praxis nach ëmmer weider ausgefouert?

8. Wusst den Här Justizminister, datt déi Praxis vun deenen, déi sech um Terrain fir d'Rechter vun de Kanner setzen, z.B. vum Ombudscomité vun de Rechter vum Kand (ORK), als „eng institutionaliséiert Mësshandlung“ bezeechent gëtt?
9. Huet den Här Justizminister wëllens - nodeem déi Fäll bekannt goufen - de Parquet unzeweisen, an Zukunft d'Ofhuele vun de Mannerjärege méi human ze gestalten?

Mat déiwem Respekt,



Røy Reding
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 mars 2019

Objet : Question parlementaire n° 541 du 22.03.2019 de Monsieur le Député Roy Reding -
Placement de mineurs

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés